

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

## **MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- et momentan op de Police-Unitéiten zu enger Ëmstellung vum Printer-Konzept kënnt an datt doduerch an allen Unitéiten a bei alle Police-Servicer déi bestoend Printer-Infrastruktur ewechgeholl gëtt, d.h. déi eenzel Imprimanten an de Büroen a Verneemungsraim falen ewech a ginn duerch eng zentral grouss Imprimante ersat;
- all Unitéit elo e separate Raum brauch, fir dëse Printer opzestellen, allerdéngs vill Unitéite keen esou ee separate Raum zur Verfügung hunn;

## ass sech bewosst, datt

- déi genannten Ëmstellung zu massive Problemer wäert féiere well
  - o de Beamten elo de Verneemungsraum verloosse muss, fir ze printen an doduerch eng potentiell verdächteg Persoun eleng gelooss gëtt, wat e grousse Sécherheetsrisiko duerstellt,
  - o et fir d'Beamten zu massivem Zäitverloscht an onnéidegen Deplacementer kennt, doduerch, datt scho bei enger einfacher Enquête eng Onmass un Dokumenter (z.B. Dokumenter iwwert de Rechtsbäistand, vum Dolmetscher iwwersaten Dokumenter etc.) ausgedréckt musse ginn,
  - o zu all Zäit de Risiko besteet, datt déi eenzel zentral Imprimante duerch en techneschen Defekt ausfale kann an d'Police-Beamten dann net méi d'Méiglechkeet hunn sou wéi dat bis elo de Fall war op eng aner Imprimante kënnen zeréckzegräifen, wouduerch d' Police-Aarbecht an engem inakzeptabele Mooss behënnert gëtt,
  - o d'Scann-Funktioun bei där neier zentraler Imprimante net esou performant ass, wéi bei deene Geräter, déi bis elo am Asaz waren, wat dozou féiert, datt wesentlech manner Blieder matenee gescannt kënne ginn, wat alt nees zu engem onnéidegen Zäitverloscht féiert,
  - o an de Police-Unitéiten a Servicer keng Kartuschen op Stock zur Verfügung stinn, wat dozou féiert, datt d'Imprimante net ka genotzt ginn, wann ausserhalb vun de Bürosstonnen en Entretien muss virgeholl ginn, respektiv, wann d'Kartusche gewiesselt musse ginn, wouduerch d' Police-Aarbecht an engem inakzeptabele Mooss behënnert gëtt
  - o dës Ëmstellung vum Printer-Konzept den akute Personalmanktem bei der Police nach zousätzlech amplifiéiert,

Tel.: (+ 352) 463742

- o de Service um Bierger sech doduerch verschlechtert, well Leit, déi z.B. op e Police-Kommissariat kommen, well se Affer vun enger Strofdot goufen, dacks ënner Schock stinn an d'Police-Beamten dës Persoun dann net méi kënne professionell encadréieren,
- dëst dozou féiert, datt och de Bierger, deen eng Deklaratioun, ewéi z.B. eng einfach "Déclaratioun de perte", bei der Police mécht, onnéideg Zäit verléiert well de Police-Beamte sech duerch dat geplangte Printer-Konzept jo méi dacks deplacéiere muss an datt dës Persoun doduerch alt nees méi dacks eleng ass,

## fuerdert d'Regierung op,

- dat bestoend Printer-Konzept bäizebehalen, respektiv, dofir ze suergen, datt e Konzept ausgeschafft gëtt, wat net zu all deenen opgezielte Problemer féiert;
- dëst Konzept virun allem a Consultatioun mat de betreffende Police-Beamten um Terrain a mat der Personalvertriedung vun der Police, déi jo d'Besoine genee kennen an all Dag op déi Infrastruktur ugewise sinn, auszeschaffen.